

Fédération du Sport Cycliste Luxembourgeois

Horizon 2024



LU  EMBOURG

LET'S MAKE IT HAPPEN



Raiffeisen



ŠKODA



emile weber

WIC KLER

ASPORT cycling



CK
Charles Kieffer Group

Préface	2
I Verband a Veräiner	5
II Personal	7
III Digitaliséierung	8
IV Finanzen	9
V Ausbildung a Weiderbildung	11
VI Organisatiounen	12
VII Fairplay	15



Léif Frënn

A mi wi 100 Jar ass de Cyclissem zu Lëtzebuerg zu engem vun de beste Verbänn ginn, dëst wann een ënner anerem di international Erfolliger kukt. Ëmmer neess hu lëtzebuenger Cyclisten et fäerdig bruecht, di griisst Klassikken su wi Etappe Coursen ze gewannen. Am internationale Velosport hott Lëtzebuerg sich een Numm gemaach. Mir ginn ëmmer neess gefrot, wi et méiglech ass, dass dat klengt Lëtzebuerg su vill gutt Cyclisten hott.

Engerseits leit Lëtzebuerg am Häerz vun Europa a war schonn dobäi wi de Velo nach an de Kannerschong war. Anererseits hunn di Verantwortlich aus den 80^{er} an 90^{er} Jaren et verstanen, dass de Leistungssport professionnel muss begleet ginn. Dësen Trend ass an de letzte Jar virugaangen. Fir de Verband schaffen hett haaptamtlich een technischen Direkter, 2 Trainer, ee Gestionnaire, eng Sekretärin an een technischen Employé. Da sënn nach 3 Sportsproffe vum Edukatiounsministère deelweis freigestalt fir sich an de Centres de formation ëm den Nowuess ze këmmen. An der Primärschull ass eng Lierin ganz freigestalt, fir landesweit Multiplikatoren auszebilden, di de Schullkanner de Velo mi no bringen. Su kreie mer vu klengem u suwuel d`Meedecher wi d`Jungen un de Cyclissem rubruecht.



Schonn Enn der 90er Jaren ass vun der FSCL net den direkte Succès gesicht ginn. Di laangfristig, villseitig Entwécklung stung un ischter Plaz. Genee dat ass dee richtige Wee, wëll mir zu Lëtzebuerg net eng gruuss Zuel vu Cyclisten hunn.

An de Centres de formation an am Sportlycée ginn eis Athlete suwuel an de Studien wi am Leestungssport begleet : *Dual Karriär*.

Et ass lo un eis an deem Sënn virunzefueren. Mir müssen op alle Pläng (Ausbildung, Finanzen, Organisatiounen) Äntwerten op di aktuell Problemer fannen, mir musse flexibel sënn, eis zesummendon, fir iwwer eis Veräiner raus de Cyclissem no vir ze bringen. Mir wëllen och an Zukunft ee féierende Verband bleiwen. Ween alleng handelt erreecht seng Ziiler net. Ween net no vir geet, wee stoe bleibt, ass schon amgang zréck ze goen.

Mam Nationale Radsportzentrum am Kader vum neie Velodrome hu mir eng eemolig Chance fir de Cyclissem zu Lëtzebuerg erfollichreich an di nächst Jarzénkten ze bringen. Dëst sollte mer op kee Fall verpassen.



Strooss, Cyclocross, Mountainbike, Pist, BMX, Paracycling, Konstrad, E-Bike, E-sport : hei musse mir an den nächste Jaren aktiv bleiwen respektiv ginn.

De Velo ass ee wichtigen Outil fir den „développement durable“ ze ënnerstëtzen. Och hei musse mir mam gudde Beispill virgoen.

Et ass un eis de Cyclissem positiv no baussen ze bringen an an Zukunft ëmmer mi Lett ze bewegen, fir op de Velo ze klammen.

Dofir, léif Frënn vum Drotesel, dëst Heft, wat virgëtt, wi mir dat alles erreeche kënnen.

DAHM Camille

Präsident



November 2019

I. Verband a Veräiner

De Verband leeft vun a mat senge Veräiner. De Verband, an engster Zesummenaarbecht mat de Veräiner, bréngt de Cylissem op alle Pläng no vir. De Verband vetrëtt seng Veräiner am Olympische Komitee a vis-à-vis vun den öffentlechen Instanzen.

Et wäert d`Zil vum CA sinn, d`Veräiner sou mann wéi méiglech ze belaasten (cf IV). Hei ass schonn eng Parti geschitt

- D`FSCL huet vrun 3 Jar Transponderen an eng Zilkamera kaaft. Dës ginn de Veräiner geent eng kleng Kommissioun zur Verfügung gestallt. Hei kënnen d`Veräiner, je no Organisatioun Dausenden € spueren. Natiirlech muss hei an der technescher Manipulatioun nach nogebessert ginn. Hei ass all Veräin gefrot. De Verwaltungsrot vun der FSCL wäert hei ee klare Virschlag maachen.
- National Meesterschaften : Seit 3 Jar ginn d`Tricoten an d`Medailen vun der FSCL gestallt. Et gi keng Primmen ausbezuelt.
- Mat all dësen Upassunge kann den Organisator bis zu 30 000€ spueren.

D`Digitaliséierung (cf III) wäert d`Aarbecht vun de Veräiner vereinfachen.

De Velo wäert an den nächste Jar eng ëmmer méi grouss Roll an eiser Gesellschaft spillen

- Normalt Fortbewegungsmëttel (mobilité douce)
- E – Bike
- Freizeit a Freizeitsport
- Coursen, op allen Niveauen
- E-Sport

Mir duerfen et net verpassen, alle Cyclisten eng Plattform ze ginn, hire Sport sëcher ze bedreiwen, ouni si onbedéngt un ee Veräin ze bannen (Individuell Lizenz).

Et ass un de Veräiner d`Virdeeler vun enger Membership ervir ze streichen. Hei kënnen eng spezifesch Betreuung an d`Sëcherheet eng Roll spillen...Well awer vill Veräiner et net méi fäerdeg bréngen, Athleten op alle Niveauen ze betreien an ze begleeden, soll dru geduecht ginn, mat Nopëschveräiner zesummen ze schaffen. Dëst wäert och bei den Organisatiounen (cf VI) ee grouse Virdeel sinn.



II. Personal

Wéi schonn an der Introduktioun gesot huet d`FSCL sëch an de letzten 10 Joer permanent méi professionnel opgestalt. Momentan schaffen een techneschen Direkter, 2 fulltime Trainer, ee Gestionnaire, eng Sekretärin an een technischen Aarbichter fir d`Federatioun. Doniewent schaffen deelweis 3 Sportsproffen an eng Léierin am Secondaire souwéi an der Primärschoul fir d`FSCL. Dës këmmere sëch haaptsächlich ëm d`Nowuesskategorien.

Fir d`Qualitéit ze erhalen an no vir ze bréngen, muss hei nach investéiert ginn: mir brauche kuerzfristeg een/eng DammentrainerIn suwéi ee Spezialist fir d`Piste (Velodrome 2024).

Et muss eist Zil sinn an Zukunft mat Hëllef vum LIHPS op Kinésitherapeuten respektiv op medizinescht Fachpersonal zréckgreifen ze kënnen, ouni supplementar Onkäschten. Wann d`Qualitéit viru soll ropgoen, geet et net méi duer, eis Sportler am spezifësche Sportbereich top ze begleeden, ma op alle Pläng (medizinesch, recuperationstechnesch, mental an ernährungstechnesch), an dat permanent. Dofir hu mir eng Kommissioun op d`Bee gesat, déi hei dee permanenten néidige Kontakt huet.

Dat selwecht soll och fir eis Mechaniker méiglech sinn. Vleicht komme mer hei vu Plaz, wann zousätzlecht Personal fir de Velodrome agestallt gött.

No den neie Statute vun der UCI (Harrogate, GB, 27.09.2019) soll laut Kapitel II, Artikel 5 all Verband dofir suergen, dass eng gerecht Verdeelung vun all Geschlecht am CA ass. Dëst gëtt och bei eis su opgeholl.

An de letzten 20 Jar huet de Leeschtungssport sëch ganz staark professionnaliséiert. Wa mir hei net wëllen hannendrun hénken, musse mir eis Sportler op alle Pläng um héchste Niveau ënnerstëtzen. Dofir kann et net sinn, dass mer „nëmmen“ op Benevoller setzen.



III. D`Digitaliséierung

All administrativ Virgäng gi bis 2024 digitaliséiert. Iwwert een FSCL eegenen Intranet ginn all intern an extern administrativ Operatioune vereinfacht. Sou gëtt alles manner komplizéiert a méi effizient. 2020 gëtt mat modulare Bausteng ugefaangen. Dëst mat Hëllef vu verschiddene Ministären an IT-Entreprise.

Jidferen dee betraff ass, kritt vum Administrator vun der FSCL een Zougang, dee speziell senge Besoinen entsprécht.

Hei déi wichtegst Virgäng :



- Lizenzen
- Demanden an Autorisatiounen
- Kalenner
- Resultater (cf Punkt zum Cyclotourismus / Organisatiounen)

Hei muss d`Datebank vun der FSCL mat bestehenden Datebanken (UCI,UEC,UFC, AMA, MPCC (international) a Sport-, Erzéiungs-, Transport-, Ëmwelt-, Digitaliséierungsministär, Nationbranding, COSL, ALAD (national) automatësch synchroniséiert ginn.

D`Manipulatioun muss benutzerfrëndlech sinn.

Hei ass d`FSCL fortschrëttlech an zukunftsorientéiert. Mir kënnen eng Virbildfunktioon hunn an eis Aussendarstellung kann heivun nëmme profitéieren.



IV. Finanzen

Mir musse mëttel- bis laang-fristig plange kënnen. Dofir suergt de CA, dass mir finanziell nach besser fir di nächst Jaren ofgeséichert sinn.

D`Zesummenaarbécht mam Pouvoir public baséiert op der Subsidiaritéit. Dat heescht, dass de Staat (an eisem Fall de Sportministär) eis do ënnert d`Äerm greift, wou



mir et net selwer kënnen : bei den Infrastrukturen a beim Personal (Kapitel 1, Artikel 3 vum Sportgesetz vum 3. August 2005).

Fir an Zukunft besser plangen ze kënnen, wäerte mir beim Sportministär ëmmer neess dofir antrieden, d`Personalkäschten zu 100% ze iwwerhuelen, an net wéi bis elo, zu 80%. Mir stelle just Personal an, wat mir ausdrécklech vum MSP erlaabt kritt hunn. Dëst och am Wëssen, dass mir eng exzellent sozio-educativ Aarbëcht maachen.

De Pouvoir public ass sëcher och an Zukunft a Saache „Finanzen“ eise gréisste Partner. Doriwwer raus musse mir eis awer beméien, och privat Partner ze fannen, déi eis d`Méiglechkeete ginn, eis ambitiéis Projeten ëmsetzen ze kënnen.

Eis Aussendarstellung (public relations) muss verbessert ginn (iwwer all modern Kanäl). Sou kënne mir eisen aktuellen an neie Partner vill besser entgeent kommen.

Bei der UCI gëtt sëch virun dofir agesat, dass d`Formatioun vun eisen Athleten honoréiert gëtt. Et kann net sinn, dass ASO, UCI, UEC an déi respektiv professionnel Rennstáll mat eisen Athlete grousse Somme generéieren, ouni dass mir och nëmme minimal dovou profitéieren.

Grad sou ginn eis Interessen an der Kommissioun „Solidarité“ vum FSCL-Präsident vertratt, wou hee Vertreeder vun der UEC (Union Européenne de Cyclisme)

ass. Datselwëcht geschitt an der UFC (Union Francophone de Cyclisme).



V. **Ausbildung a Weiderbildung.**

Wa mir eis Sportler op alle Niveaue gutt ausbilde wëllen, da geet dat nëmmen iwwert d`Qualitéit vun eise lokalen an nationalen Trainer. Dëst zeelt eigentlich iwwerall an ëmmer, ass awer besonnësch an eisem Land mat enger klenger Zuel un Athleten extra wichteg.

Wéi schon an der Introductioun erwähnt, setzt d`FSCL seit den 90^{er} Jaren op eng breet gefächert allgemeng Ausbildung. Dat heescht, mir spezialiséieren net ze fréi (LTAD: Long Term Athlete Development). Eng gutt sportlëch Ausbildung brauch +/- minimum 10 Jar oder 10 000 Stonnen, fir dass de Sportler duerno op alle Pläng (motorësch, physiologësch, kognitiv, affektiv, ernährungstechnësch a mental) konkurrenzfähig ka sinn. Hei entwëckelt an implementéiert d`FSCL ee Konzept wat op d`Specificitéite vum Cyclist baséiert: ganzheetlëch Entwëcklung, Periodiséierung, Wettkampfplanung, Uniformiséierung an Akzeptanz vum Konzept a permanent Upassungen un déi nei Erkenntnisser.

All eis Trainer (Verein Verband) mussen an déi selwecht Richtung schaffen, dat heescht si mussen diselwegt



Sprooch schwetzen. Dëst geet awer nëmmen iwwer regelmässig Ausbildungen a Fortbildungen.

Fir eis Ziler ze erreechen, mussen mir eis Sportler (Kanner a Jugendlecher) pädagogesch a fachspezifesch regelmäseg an der Woch begleeden. Wann d'FSCL mat senger Veräiner et fäerdeg bréngt, déi jonk Athleten x- mol an der Woch ze betreien, brauche mir eis keng Suergen ëm de Nowuess ze maachen.

Dofir ass d'FSCL mat der ENEPS (Ecole Nationale de l'Education Physique et des Sports) a regelmässigem Kontakt an Austausch iwwert d'Entwécklung vun der Trainingswëssenschaft. Zesumme mam COSL (Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois) hu mir direkte Kontakt mam LIHPS (Luxembourg Institute for High Performance in Sports) a mam HPTRC (High Performance Training and Recovery Center).

Eis Sportler sollen och de Wee an déi professionnell Aarbëchtswelt fannen. Dofir ass d'FSCL seit iwwer 10 Jar am Sportlycée (dual Karriär) mat iwwer 30 SportlerInnen pro Jar vertratt.



VI. Organisatiounen

Ëmmer méi Veräiner hu Problemer Freiwëlleger ze fannen, fir bei hiren Organisatiounen (Coursen,



Randonnéeën) ze hëllef. Dat ass een Zeeche vun eiser Zeit. Eis Zivilisatioun ass egoistesch ginn. Dëst soll eis awer net drunn hënneren un eisen Ziler festzehalen: eng wäertvoll erzéieréch Hëllef fir eis Kanner a Jugendlëcher ubidden.

Mir wäerten eis Veräiner dozou bewegen, s'ech zesammen ze don. Hei gëtt aus 2 net 1, ma éischer 3 oder 4, wa gudde Wëllen do ass. Wee behaupt hee willt eppes fir de Velosport maachen, dee muss iwver seng Grenze rauskucken, dee muss iwver sei Scheed sprangen. Mir kënnen net mat Äntwerte vu gëster Problemer vun haut léisen. Wann een ëmmer neess datselwécht mëcht, muss ee s'ech net wonneren, wann ëmmer neess datselwécht dobäi rauskënnt. Et duerf een hei neischt dem Zoufall iwverlossen. Mir müssen déi aktuell Problemer ugoen. Wéi heescht et sou richtig an der Trainingsplanung: „*Gutt plangen, heescht den Zoufall duerch Feeler ersetzen*“. Feeler kann ee verbessern... wann ee se dann erkennt!

Organisatioune berouen op 3 Faktoren:

- Autorisatiounen

Mat der Digitaliséierung gëtt hei verschidde méi einfach. D'FSCL wäert de Veräiner beim ëmsetzen déi néideg Hëllef ginn.

- Finanzen



Transponder a Photofinish ginn de Vereiner ganz preiswäert zur Verfügung gestallt. D`Veräiner hunn et selwer an der Hand, ob nach Primmen ausbezuelt ginn oder net. Si kënnen och, laut Beschluss vun der AG, Startgeld ophiewen.

- Manpower

Hei ka mat de lokale Veräiner eng flott Zesummenaarbécht an d`A gefaasst ginn oder mat de Radsportveräiner aus der Regioun. Iwwert d` Aféierung vun der licence individuelle kënnen nei Membere gewonne ginn (cf I).

Di Nationalmeesterschafte sollen, an Zesummenaarbécht mam Verband, ofweesselnd vun de Regiounen Norden, Zentrum, Osten a Süden organiséiert ginn.

Five Fingers – One Hand : eng Hand ka viles, alles bewegen, ee Fanger sou gutt wéi guer neischt !

Cyclotourismus: ass eng vun de wichtegsten Aktivitéiten aus de letzte Jarzénkten. Dëst wäert sëcher u Bedeitung zouhuelen, well d`Freizeit eng ëmmer méi wichteg Roll iwwerhëllt. Och an dësem Bereich muss d`Digitalisatioun (cf III) (Dateniwwermëttlung, Kaarten a Weeër iwwer Geoportal) aktiv ginn, an dëst net nëmme mat eisen direkte Memberen. Zesumme mam Tourismusministär,



dem Transportministär an dem Ëmweltministär kann hei déi zoustännig Kommissioun richtungsweisend ginn.



VII. Fairplay

Fairplay am Cyclissem heescht éierlechen, proppere Sport. Dofir huet d'FSCL, neewent allen anere Verflchtungen (ALAD, WADA) sëch den Iddie vum MPCC (Mouvement pour un Cyclisme Crédible) ugeschloss. Eis Sportaart soll all Méiglichkeit notzen, den Haaptgedanke vum Sport „ sëch a fairer Kompetitioun geentiwwer ze stoen“ no bannen a baussen ze ënnerstëtzen. Hei kann een ni zevill maachen!

Grad sou sollt awer och jidfereen, dee sëch mol verdon huet, eng 2. Chance kréien. Et soll awer och kloer sinn, dass een dee méi wéi eng Kéier vum Wee ofkomm ass, vun alle Funktiounen aus dem Cyclissem auszeschléissen ass.

Fairplay heescht och am normalen Alldag korrekt mateneen ëmgoen. Problemer ginn net geléist, an dem op alle méigleche Netzwierker der ganzer Welt matgedeelt gëtt, wou de Schong dréckt. Nee! Den direkte Kontakt soll gesicht ginn. Et kann een net ëmmer der selwechter Meenung sënn. *Wann der 2 ëmmer déiselwigt Meenung hunn, ass een zevill.* Diskussiounen mussen awer



konstruktiv sinn an dozou féieren, zesummen an di richteg Richtung ze goen.

Fairplay heescht och respektvoll mat allen op Stroossen a Bëschweeër ëmgoen. Mir hunn ee gutt Netz u Velosweeër (pistes cyclables). Dofir solle mir déi och benotzen an net niewendrun op de Stroosse fueren (Ausnam : sportspezifischen Training).

Well d`Velofuere klimaneutral ass, wäert d`FSCL sech engagéieren, op allen Niveauen eis Ëmwelt ze schounen. Mir huele proaktiv un der „Mobilitéitswend“ deel. Mir wëllen d`Organisateure begleeden, fir hir Evenementer no ëmweltfrëndleche Kritären ze plangen an duerchzezéien.



FSCL – Fédération du Sport Cycliste Luxembourgeois

Maison des Sports
3, route d'Arlon
L – 8009 STRASSEN

Tel. : +352 29 23 17
Fax : +352 29 23 18

E – Mail : info@fscl.lu
www.fscl.lu



LU  **EMBOURG**
LET'S MAKE IT HAPPEN